

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard (par Mme Josée Lorsché), Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill.

Ont voté non : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, M. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gladen, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser et Fred Keup ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

M. Roy Reding.

Se sont abstenues : Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Motion 1

Da kéime mer nach zur Motioun, déi d'Madamm Hartmann deposéiert hat. Wëllt nach een zu där Motioun d'Wuert ergräifen? D'Madamm Hartmann.

Mme Carole Hartmann (DP) | Merci, Här President. Ech hunn u sech a menger Ried effektiv alles zu der Motioun gesot. Ech wollt just nach eng Kéier, well et an der Motioun och explizitt ëm d'Mammografie gaangen ass, an dësem Kader nach eng Kéier déi Fro opwerfen, well – an ech preziséieren et nach eng Kéier kuerz – souwuel an der Loi hospitalière wéi och an dem Règlement grand-ducal, dee fir verfassungswiddreg erkläert ginn ass, war d'Mammografie nach net ënnert dem schwéiere Material opgeworf. Do war just rieds vun de Biopsie-mammairen. An duerfir d'Fro, firwat d'Mammografie elo nei an déi Lëscht mat opgeholl ginn ass.

M. Fernand Etgen, Président | Ech géif d'Wuert dann direkt un d'Madamm Ministesch ginn.

Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé | Merci. Ech hat dat effektiv vergiess. Et ass esou, dass an der Zäit déi Mammografen zweedimensional Biller gemaach hunn an doduerjer net ënnert d'Gesetzgebung vun der Radioprotektioun gefall sinn. Haut schafft ee mat dräidimensionalen Apparaten. Frot mech net den techneschen Detail, mee déi falen ënnert d'Radioprotektioun an deemno eeben ënnert déi Bestëmmungen. Dat ass déi Erklärung, déi ech elo kritt hunn.

Mee mir hunn – an ech géif dat och nach gären ënnersträichen – en Aarbechtsgrupp lafe precisement zu der Mammografie. Dofir begrëssen ech och déi Motioun. Mir sinn do amgaangen, am Detail ze kucken, wéi genau d'Delaie sinn, wéi mer dat kënnen optimiséieren.

D'selwecht hu mer deen Aarbechtsgrupp, fir generell d'Prise de rendez-vous ze vereinfachen a fir och eng harmoniséiert, standardiséiert Indication zu kréien, wat urgent ass, wat net urgent ass. Eng Routine-ënnersuchung kann ouni Problem all zwee Joer sinn, wéi et och am Programm de Fall ass. Mee d'Urgence ass eppes anescht. Do schaffe mer drop. An do wäerte mer och bis Enn des Joers Opschluss hunn. Do gëtt et effektiv eng technesch Erklärung zu der Mammografie, déi mat der Technologie ze dinn huet. Awer ganz gäre kann een dat analyséieren. Dat ass eppes, wou mir och als Haus guer net verschloss sinn, fir do en zousätzleche Schrëtt ze maachen, wann dat sech opereet.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Madamm Lenert. Da kritt d'Wuert den Här Claude Wiseler.

M. Claude Wiseler (CSV) | Merci, Här President. Ech muss soen, dass mir den Effort vun der Madamm Hartmann hei begrëssen, fir déi Motioun eranzubringen, quitte dass se vun deenen anere Parteie mat ënnerschrivven ass. Mee wann ech dat hei liesen, huet se awer éischter d'Handschrëft vun der Madamm Hartmann.

(Interruptions)

Dräi Saache sinn dozou ze soen. Ech soen dozou, ...

(Hilarité)

... ech soen dozou, dass mir éischters Problemer hunn, fir dat ze analyséieren „dans un délai de deux ans“, well mir mengen, dass deen Text, esou wéi en ass, eis a Schwierigkeete wäert féieren, notament wann en ugesicht gëtt, an dass déi zwee Joer, déi hei als Laps de temps dra stinn, aus juristesche Grënn eis kënnen a problematesch Situatiounen bréngen, mat de Konsequenzen, déi eng Afrostellung vum Tribunal vun dësem Text kéint hunn. Dat ass dat Éischt.

Dat Zweet: Ech gesinn net, firwat mer solle bei de Mammografien nach eng Étude approfondie maachen. Ech fannen, dass een dat direkt sollt an d'Realitéit ëmsetzen, dass déi a verschidde Cabineten einfach esou kéinte kommen. Dat liicht mer an. Dofir, d'Étude approfondie fannen ech iwwerflësseg.

An dee leschte Punkt: „à promouvoir activement le droit d'initiative des médecins dans le secteur extra-hospitalier“. Ech fanne just, deen Text, dee mer elo haut stëmmen, oder gestëmmt hunn, mécht genau de Contraire. An aus deem Grond kënnen mer deen Text hei och net akzeptéieren.

Mee well ech awer den Effort gesinn, dass hei gewollt ginn ass, an déi richtig Richtung ze goen, wäerte mer net dergéint stëmmen. Dofir wäerte mer eis enthalten.

Une voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Wiseler. Da ginn ech d'Wuert un d'Madamm Oberweis.

(Interruption)

Mme Nathalie Oberweis (déi Lénk) | Merci, Här President. Jo, mir sinn natierlech mat der Considerant-ent all averstanen. Déi éischt zwee Invitte kënnen mer och deelen: eng Analys ze maachen an d'Resultat ze diskutéieren. Mee „accorder une priorité absolue à la finalisation des travaux sur la réforme des sociétés des médecins“, ech hunn et virdrun a menger Ried gesot, dass ass fir eis en No-Go!

Mir gesinn do eng grouss oppen Dier fir dat, wat ech virdrun als Gefor beschriwwen hunn. Voilà, mir gesinn do wirklech den öffentleche Gesondheits-system a Gefor mat deem Gesetz, wat da wäert kommen. An den „droit d'initiative des médecins, ensemble avec tous les acteurs du terrain“, wéi eng Acteure sinn dat? Voilà, wat kënnt do vu private Gelder mat an d'Spill? Mir stellen eis do ganz vill Froen, wou d'Dier do opgemaach gëtt. Fir wéi eng Acteuren? Also, fir eis kënnt dat net a Fro.

Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Madamm Oberweis. An d'Wuert geet un den Här Sven Clement.

M. Sven Clement (Piraten) | Merci, Här President. Sou, wéi ech virdrun d'Gesetz fir e Feeler fonnt hunn, sou kann ech déi Motioun, déi u sech dat Ganz staark nuancéiert, muss ee soen, unhuelen. Dofir wunnert et mech e bëssen, dass mer déi zwou Diskussiounen den nämmlechte Moment hei am Plenum hunn. Mee dat erkläert sech vläicht aus preelektoralen Grënn an

dem Besoin, sech an enger Regierungskoalitioun dann awer kënnen ze demarkéieren. Egal, ob de Mars Di Bartolomeo als fréiere Gesondheitsminister hei mengt, dass wär d'ganz Regierung, déi se geschriwwen huet, ech liesen hei awer eng aner Handschrëft eraus, muss ech elo mol vu mengem bescheidenen Standpunkt aus soen.

(Interruptions et hilarité)

Dat gesot, mir kënnen souwuel d'Considerante wéi och d'Invitten ënnerstëtzen. An dofir wäerte mir déi Motioun hei matstëmmen.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Clement. Ech mengen, dass kënnen mer elo zum Vott iwwert dës Motioun kommen.

Vote sur la motion 1

D'Ofstëmme fänkt un. Mir maachen de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

D'Motioun ass mat 33 Jo-Stëmmen, 2 Nee-Stëmmen a 25 Abstentiounen ugehall.

Ont voté oui : Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener (par M. Dan Biancalana), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard (par M. Marc Hansen), Stéphanie Empain (par M. François Benoy), Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen.

Ont voté non : Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Se sont abstenus : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gladen, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes (par M. Claude Wiseler), Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser et Fred Keup ;

M. Roy Reding.

5. 8260 – Projet de loi portant dérogation aux articles 55 et 56 du Code de la sécurité sociale en relation avec l'accord entre le Gouvernement, l'UEL et les organisations syndicales OGBL, LCGB et CGFP du 7 mars 2023

Als leschte Punkt um Ordre du jour vun haut steet de Projet de loi 8260 iwwert d'Derogatioun zu den Artikel 55 a 56 vum Code vun der Sozialversicherung. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An de Rapportier vun dësem Projet de loi ass den honorabelen Här Dan Kersch. Här Rapportier, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission spéciale « Tripartite »

M. Dan Kersch (LSAP), rapporteur | Merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegen, mat dësem Gesetzestext, deen ech elo vun dëser Plaz aus wäert virstellen, setze mir eent vun deene leschte

Puzzlestück aus dem Tripartitt-Accord vom 3. März dës Joer ëm. Dësen Tripartitt-Accord gesäit vir, dat eng drëtt Indexbranche an dësem Joer – mir hunn déi vu Juli 2022 jo op Abrëll 2023 reportéiert – de Betriber géif kompenséiert ginn. Dës Kompensatioun géif vun deem Moment un, wou d'Indexbranche erfält, bis Januar 2024 inclus gemaach ginn.

Am Accord ass och schonns de Prinzip festgehalen ginn, wéi dës Kompensatioun géif ofgewéckelt ginn, an zwar iwwert de Wee vun enger Adaptatioun vum Taux de cotisation moyen bei der Mutualité des employeurs. Am Accord ass och déi kleng Aschränkung gemaach ginn, dass déi Kompensatioun net néideg ass en faveur vun Employeuren, bei deenen iwwert de legalen oder reglementaresche Mechanismus der Indexbranche souwiso Rechnung gedroe gëtt, beispillsweis bei enger öffentlecher Budgetisatioun. Zu dësem leschte Punkt awer spéider méi.

Fir d'ëischt emol muss ee feststellen, dass de Finanzement vun der Mutualitéit op engem duerchschnëttleche Cotisationsniveau berout, mat enger Opdeelung a véier méiglech Klassen, jee no observéiertem Absenteismus.

Wann een also d'Kompensatioun vun enger Indexbranche Mount fir Mount iwwert en Erofsetze vun dësen Tauxe mécht, da versteet een och, dass een den Taux natierlech méi staark ofrofsetze muss, wann et méi Méint ze kompenséiere gëtt. Et gëtt also en direkte Lien tëscht der Durée vun der Kompensatioun engersäits an der néideger Baisse vun den Tauxen andersäits.

Mir müssen natierlech iergendeen Unhaltspunkt huelen, an dësen Unhaltspunkt sinn déi lescht Projektione vum Statec. De Statec huet am Mee seng Projektionen aktualiséiert a geet vun enger drëtter Indexbranche um Enn vum drëtten Trimester aus. An dësem Gesetzesprojekt gi mir dafir dervunner aus, dass déi drëtt Indexbranche fir September wäert erfalen.

Natierlech sinn d'Méiglechkeete vun enger Kompensatioun iwwert d'Erofsetze vun den Tauxen net onendlech. Den Taux an deene véier Klasse muss op jidde Fall positiv bleiwen, fir de Prinzip vun der „Couverture géint Cotisation“ ze respektéieren. Wann den Taux jo géif negativ ginn, da géif de Patron jo nach Suen derfir kréien, fir ofgeséichert ze si virun enger Incapacité de travail vu senger Salarié, an dat géif de ganze Geescht vun eisem Sozialsystem op d'Kopp geien.

Wann een d'Baisse vun den Tauxe fir d'Kompensatioun net an engem Joer gemaach kritt, da muss een d'Baisse, déi néideg ass, op méi Exercicer verdeelen. Am Tripartitt-Accord ass déi Eventualitéit och scho festgehalen ginn. Well awer entre-temps de Statec déi drëtt Indexbranche schonn Enn vum drëtten Trimester virgesäit, muss déi drëtt Indexbranche och méi laang kompenséiert ginn. Dofir wäert d'Kompensatioun sech net nëmmen op d'Exercicer 2024 an 2025, mee och op d'Joer 2026 erstrecken.

Natierlech hänken déi Tauxen och vun der Masse cotisable of, déi hirsäits jo vun der Unzuel u Salarié gradewéi vun der Evolutioun vun de Paien ofhängeg ass. Kleng Ajustementen zu engem spéidere Zäitpunkt sinn also net onbedéngt ausgeschloss. Den duerchschnëttleche Cotisationsniveau, op dee sech d'Tauxe vun deene véier Klasse baséieren, ass am Code de la sécurité sociale festgehalen. Fir d'Joren 2021 bis 2023 inclus läit den duerchschnëttlechen Taux bei 1,90 % amplaz vu virdrun 1,85 %.

Dës Derogatioun ass gemaach ginn, fir dass de Staat seng Avancen zréckkréie kann, déi en der

Gesondheitskeess gemaach huet en faveur vun de Patronen, déi am Joer 2020 vum éischten Dag u géint d'Incapacité de travail vun hire Salariéen entschiedegt gi sinn.

Ech kommen zréck op dat, wat am Tripartitt-Accord festgehalen ginn ass, dass d'Kompensatioun just bei deenen Employeuren gemaach gëtt, bei deenen net schonn iwwert de legalen oder reglementaresche Mechanismus der Indexbranche souwiso Rechnung gedroe gëtt. Dat ass vum Sënn hier nach ëmmer, wat mir maache wëllen, mee et muss just anescht ëmgesat ginn, an zwar an zwou Etappen, fir en ze héijen administrativen Opwand fir d'Mutualitéit ze verhënnern.

An der éischter Etapp ginn d'Tauxe fir all Patron, deen affiliéiert ass, erofgesat. An enger zweeter Etapp müssen d'Gesondheitskeess an déi verschidde staatlech Organismen deem Rechnung droen, dass d'Cotisationsniveau fir d'Patronen erofgaange sinn. Bei der Gesondheitskeess selwer wäert dat iwwert déi budgetär Dotatioun respektiv iwwert d'Valeur monétaire geschéien, wat de Volet vun der Assurance dépendance ubelaangt. D'Gesondheitskeess gëtt also d'Ersuernis un de Staat weider. Bei Entitéiten, déi direkt vum Staat subventionéiert ginn, wäert déi Prise en charge iwwert d'Mutualitéit um Niveau vum Staatsbudget ermëttelt ginn. Mir schwätzen hei vun engem Montant vu ronn 8 Milliounen de Mount, also ënnert dem Stréch 40 Milliounen.

Déi generell Kompensatioun iwwert d'Tauxe wäert pro Mount ongeféier 72,5 Milliounen kaschten. Dat mécht also vu September 2023 bis Januar 2024 inclus e globale Käschtepunkt vun 362,5 Milliounen.

Vun dësem Montant muss allerdéngs nach d'Augmentatioun vum Temps de remboursement vun der Mutualitéit ofgezu ginn. Deen Taux de remboursement ass während der Pandemie bei engem Isolement oder enger Quarantän vu 80 % op 100 % eropgesat ginn en faveur vum Patron. De Käschtepunkt vun dëser Entlaaschtung ass vum Staat iwwerhol ginn. Fir dass dës Méibelaaschtung awer gerecht tëscht de Parteien opgedeelt gëtt, sollt de Staat elo effektiv d'Hallschent vun dëser Méibelaaschtung, also zéng Prozentpunkten, ermëttelt kréien. De Montant, deen de Staat zegutt hätt oder huet, läit bei 29 Milliounen. Et ass aus deem Grond, dass den duerchschnëttleche Cotisationsniveau fir dräi Joer vun 1,85 op 1,90 gehuewe ginn ass, wéi ech et virdru gesot hat.

Dës Joer leeft dee méi héijen duerchschnëttleche Cotisationsniveau aus. Hei kritt de Staat dann awer 7,1 Milliounen ze vill zréck. Dës gëtt mat an d'Rechnung abezunn, soudass de Staat net méi 29 Milliounen, mee just nach 21,9 Milliounen zegutt huet duerch seng generéis Hëllef während der Pandemie. Et ergëtt sech also e Solde vun 362,5 Milliounen weniger 21,9 Milliounen ass 340,6 Milliounen Euro.

De Staat kritt mam Artikel 2 vun dësem Gesetzestext méi Flexibilitéit accordéiert, fir déi beschriwwene Kompensatioun virzefinanzéieren, andeems se net méi duerch de Respekt vun der Reserv vun 10 % vun den Dépense vun der Mutualitéit ageschränkt gëtt.

De Staatsrot huet a sengem Avis den 13. Juli keng inhaltlech Remarque gemaach.

Här President, aussergewöhnlech Zäiten erfuerderen aussergewöhnlech Moossnamen. Dat ass an dësem Fall net anescht. Mat dësem Gesetzestext setze mir also e weideren Deel vum Accord tëscht der Sozialpartner am Sënn vu méi Zesummenhalt vun eisem Land ëm.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschten a wäert d'Positioun vun der LSAP duerno ganz kuerz erklären.

M. Fernand Etgen, Président | An ech soen dem Här Rapporteur, dem Här Dan Kersch, ...

(Brouhaha)

... villmools Merci a ginn d'Wuert un den éischten ageschriwwene Riedner, den honorabelen Här Marc Spautz.

Discussion générale

M. Marc Spautz (CSV) | Merci, Här President. Och merci dem Rapporteur fir d'Virstellung vum Projet. Ech mengen, bei dësem Projet muss een drun erënneren, dass e während der Tripartitt-Diskussioun entstan ass. Den Här Kersch huet och elo d'Donnéee gesot, déi am Projet de loi stinn, wann et vu September bis Dezember geet oder bis Januar geet.

Déi éischt Fro, déi awer nach ëmmer fir mech ze kläre bleift, do weess d'Regierung vläicht scho méi: Wéini ass iwwerhaupt elo deen nächsten Erfall? Kënnt een Erfall? Gëtt et net en Erfall? A gëtt et deen den 1. September, den 1. Oktober, den 1. November oder eréischt den 1. Januar? Sinn do scho méi genau Zuele bei der Regierung bekannt? Well de Moment ass dat hei jo eng Annam, also wouvu mer ausgaange sinn, wann ech den Accord de tripartite liesen, deen de 7. März 2023 fonnt ginn ass. An deemools sinn och déi Berechnungen gemaach ginn, an déi Finanzsituatioun eran, esou wéi den Här Kersch se beschriwwen huet.

Ech mengen, dass et och wichteg ass ze ënnersträichen, dass dat do op en Accord zréckgeet. Dofir war ech awer och e bësse verwonnert, wéi ech Avisé gielies hu vu Berufschamberen. Déi eng Berufschamber, déi ka sech un déi positiv Stellungnam erënneren. Et ass eng aner Berufschamber, déi dat vill méi kritesch gesäit an déi do och aner an zousätzlech Froe gestallt huet, soudass dat awer eppes ass, wat mech e bësse gewonnert huet. Well bei engem Tripartitt-Accord sinn ech dervun ausgaangen, dass dann normalerweis och sämtlech Berufschamberen, déi dervu betraff sinn, dat och positiv begutachten.

Ech mengen, et muss een ënnersträichen, bei deem ganzen Artikel 55, do geet et jo och drëm, dass ee jo och muss ënnerscheede bei deenen Entreprises, deemno wat fir eng Kategorie se sinn, well mer do jo d'Kategorië Klass 1 bis Klass 4 kennen, déi all och mam Absenteismus ze dinn hunn, wéi do déi Belaaschtung an Zukunft ausgefouert gëtt. Et ass esou, dass mer mam Prinzip kee Problem hunn, mee wou mer eis Froe stellen, ass elo bei der Ëmsetzung, ob d'Regierung scho méi weess a genau weess, wéini wat erfält an ob et och zu Verschibungen komm ass déi lescht Méint an de jeeeweilege Klassen, an der Klass 1, Klass 2, Klass 3 a Klass 4 vun de Betriber, déi do drënner falen, well dat gëtt jo op den Absenteismus berechent. Dat sinn nach déi Froen, déi mer hunn. Fir de Rescht géife mer awer am Prinzip zu deem stoen, dass et en Tripartitt-Accord ass a mir géifen dee matdroen.

Merci.

Une voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Spautz. An d'Wuert huet elo den honorabelen Här Gilles Baum.

M. Gilles Baum (DP) | Merci fir d'Wuert, Här President. Kollegeninnen a Kollegen, et ass e weidert Gesetz, dat aus der Tripartitt-Kommissioun kënnt an ech géif mengen, et wär e ganz gutt Gesetz. Et setzt e weidere Punkt aus dem Accord vum 3. März dës Joer ëm, en Accord, dee fonnt gi war tëscht der Regierung, de Gewerkschaften OGBL, CGFP, LCGB an de Patronatsvertrieeder UEL. Déi dräi Tripartitten, déi a manner wéi engem Joer stattfonnt hunn, hunn zu

engem Erfolleg gefouert, an ech mengen, dass ee roueg ka soen, dass de Sozialdialog zu Lëtzebuerg lieft.

Déi nächst Indexbranche wäert ganz normal ausbezuel ginn, an dofir kréien d'Betribler dës Kéier eng Ennerstëtzung vu ronn – den Här Kersch huet eis d'Rechnung gemaach, déi war net ganz einfach – 340 Milliounen.

Déi dräi Tripartitten, ech mengen, déi hunn eis wierklech gutt duerch d'Kris gefouert, well duerch déi Mesüeren, déi mer geholl hunn – och wann heiansdo déi eng oder aner heibanne kritiséiert ginn ass –, hu mer et awer fäerdegbruecht, éischters emol de Chômage am Grëff ze halen an zweetens och d'Inflatioun am Grëff ze halen.

Déi dräi Tripartitten hunn derzou bäigedroen, d'Kafkraaft vun de Stéit ze erhalen an ze stäerken, fir Aarbechtsplazen ze erhalen a fir och eise Betribler Previsibilitéit ze ginn. An an dësen onsécheren Zäiten ass d'Previsibilitéit dat Allerwichtigst, well Previsibilitéit bedeit Stabilitéit, a Previsibilitéit bedeit och sécher Aarbechtsplazen, an dat läit ons als DP ganz besonnesch um Häerz.

Dem Kollege Dan Kersch géif ech Merci soe fir säi bal scho pedagogesche Rapport. Ech muss éierlech soen, ech hu bal alles verstanen.

(Hilarité)

Merci awer och vun dëser Plaz aus alleguerten de Kollegeinnen a Kollegen, déi Member waren an der Tripartitt-Kommissioun. Ech hu fonnt, dass mer flott zesummege schafft hunn. Mir hunn haaptsächlech séier zesummege schafft. An ech weess net, ob Der schonn Zäit hat ze kucken, mee Dir krut de Moien nach e Mail vum Dan Schmit, eppes, wat nogefrot gi war. Wéi gesot also, déi Aarbechte si fortlaafend, déi sinn nach net definitiv ofgeschloss.

Ech géif Iech Merci soen an den Accord vun der Demokratescher Partei ginn.

Une voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Baum. Ech ginn nach eng Kéier d'Wuert un de Reporter.

M. Dan Kersch (LSAP) | Jo, an dësem Fall de Vertrieder vun der LSAP. Fir d'éischt emol sinn ech frou, dass den Här Baum wierklech alles am Rapport verstanen huet.

(Interruption)

Da kann hie mir duerno an der Paus dat eent oder anert nach erklären.

(Hilarité)

Well ech muss éierlech soen, et war e ganz technischen Dossier.

Ech wollt awer, fir e bëssen erëm op de Seriö zréckzekommen, soen, dass et fir mech kloer ass an och fir eis Fraktioun, dass dëst Gesetz u sech just gestëmmt gëtt, well mer 2022 eng Indexbranche opgeschubst hunn, an ech huele ganz bewusst den Term „opgeschubst hunn“ an net „manipuléiert hunn“, och net „ewechgelooss hunn“, mee „opgeschubst hunn“, an dofir si mer an d'Situatioun komm, dass am Joer 2023 dräi Indexbranchen erfalen.

Dofir ass et, mengen ech, och méi wéi gerechtfertegt, dass hei eng Kompensatioun fir d'Betribler gemaach gëtt, well et soss fir eenzel Betribler ganz schwéier géif ginn, iwwert d'Ronnen ze kommen.

Dat ass awer och genau de Problem. Hei kréien elo u sech ondifférenzéiert alleguerten d'Betribler en Deel vun hire Gehaltskäschte vum Staat kompenséiert. An

zu deene Betribler gehéieren der och, déi an deene leschten Zäiten, ech soen emol zum Beispill opgrond vun enger gewëssener Zënserhéijung, déi jiddweree matkritt huet, an opgrond vun hirer Situatioun iwwerhaapt keng staatlech Hëllef bräichten. A fir d'LSAP ass et kloer, dass mer an aussergewéinlechen Zäiten aussergewéinlech Mesüeren huelen an dass dat heiten eng absolut Ausnam ass an dass, wa mer an Zukunft nei Mesüeren huelen, fir d'Betribler ze stëtzen, déi esou selektiv wéi méiglech musse gestalt ginn.

Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Kersch. An da ginn ech d'Wuert un d'Madamm Josée Lorsché.

Mme Josée Lorsché (déi gréng) | Villmools merci, Här President. Fir d'éischt wéilt ech dem Dan Kersch natierlech e grouse Merci ausdrécke fir seng Erklärungen zu dëser komplexer Matière, och wann hie se net selwer all verstanen huet. Ech mengen, et bleift nach Zäit, fir dat do 30-mol ze liesen, da versti mer och de leschten Detail. Wourops et awer ukënnt, ass d'Solidaritéit.

Ech géif mengen, wéi bei allen anere Gesetzer, déi mer hei an der Chamber gestëmmt hunn, geet et och hei drëms, Solidaritéit ze beweisen. Dat maache mer dës Kéier par rapport zu de Betribler, wou mer dann 341 Komma eng Grimmel Milliounen an de Grapp huelen, fir d'Betribler ze kompenséieren. Dat ass nach ëmmer de richtege Wee gewiescht, notamment fir d'Betribler um Dréien ze halen, fir d'Ekonomie um Dréien ze halen an domat Aarbechtsplazen ze schützen. Dat war d'Zil vu ville Gesetzer an dat ass et och haut. An dofir sti mir voll hanner dësem Gesetz.

Hannendru wéilt ech dann awer och nach dem Gilles Baum e grouse Merci ausdrécke fir d'Leedung vun der Tripartitt-Kommissioun, wou ech d'Chance hat, Member a Vizepresidentin ze sinn. Mir hu ganz gutt zesummege schafft a mir hu gewisen, dass mer zesummenhale kënnen, wann et drop ukënnt. Dat mécht de Lëtzebuerger Sozialdialog aus an dat huet och den Dialog an der Tripartitt-Kommissioun beräichert. An deem Sënn e grouse Merci, Gilles, an ech hoffen, dass déi Zesummenaarbecht a schwierigen Zäiten esou wäert bestoe bleiwen.

Merci.

Une voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Madamm Lorsché. An elo ass et um Här Fernand Kartheiser.

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Här President, ech wëll mech ganz gär deene Wieder vun der Madamm Lorsché uschlëssen an dem Här Baum Merci soen, souwuel fir seng Aarbecht als President vun der Tripartitt-Kommissioun, mee och fir all déi wäertvoll a vill Stonnen, déi mer do investéiert hunn, fir de Suivi ze maache vun deenen Accorden, déi getraff goufen. Och dem Här Kersch merci fir de Rapport.

Ech wëll elo net soen, wivill Prozent ech verstan hu vun deem, wat e gesot huet. Ech wëll hei menger Reputatioun net méi schueden, wéi et muss sinn.

(Hilarité)

Mee op jidde Fall, mengen ech, sollte mer awer kucken, dass mer e ganz kloert Bild hei vun der Situatioun hunn. Mir weisen hei eng Solidaritéit, déi eis, mengen ech, alleguer éiert. Dat ass en Deel vum Lëtzebuerger Modell. Mir setzen déi Accorden ëm, déi vun der Tripartitt getraff goufen. Mee mir mussen awer och wëssen, dass mer lues a lues un d'Enn vun eiser Finanzéierungskapazitéit kommen. Wa mer déi 30 % Verscholdungsquot wëllen anhalen, da kënnen mer net ëmmer weidermaachen dermat, d'Käschte vun der Inflatioun eigentlech vun de Leit oder vun

de Betribler op de Staat ze verlageren. Dat geet net éiweg. Oder mir verloossen den Terrain vun deenen 30 %, déi mer jo eigentlech fixéiert haten, mee wou Verschiddener jo scho mengen, dat misst net méi esou sinn.

Dat Zweet ass, dass mer réischt schwéieren Zäiten entgéintginn. Et ass jo net esou, dass de Problem verschwonnen wär an der Tëschenzäit. Mir hunn also eng Situatioun, wou mer un d'Enn vun de Finanzéierungskapazitéite kommen, mir hunn awer keng Perspektiv dauerhaft op en Enn vun der Inflatioun oder op eng Reduzéierung vun der Inflatioun. Mir liewen nach ëmmer mat ganz héijen Energiekäschten, déi wäit méi héich si wéi a konkurréierenden Ekonomien.

Mir hunn eng Situatioun an engem groussen Nopeschland, nämlech Däitschland, dat eise wichtigsten Handelspartner ass, déi eis Suerge mécht. Mir hunn den Ufank vun enger Deindustrialiséierung an Europa, déi och nach vun eise groussen Noper op där anerer Säit vum Ozean encouragéiert gëtt. A mir hunn domadder eng Situatioun, wou mer eventuell an eng grouss Instabilitéit an Imprävisibilitéit an den nächste Méint a Joren erakommen.

Ech mengen, et ass ganz kloer, dass eis alleguer domadder eng grouss Erausforderung gestallt ass, och un déi nächst Regierung, egal wéi se zesummege sat ass. Mee mir mussen déi strukturell Problemer, mat deene mer elo konfrontéiert sinn, als Europäer an als Lëtzebuerger, léisen. Mir kënnen net weider an enger Situatioun bleiwen, wou mer strukturell einfach net méi kompetitiv sinn, an och den Inflatiounsdruck kënnen mer net ëmmer weider op de Staatsbudget verlageren. Ech mengen, dat sinn einfach Tatsachen, wou déi meescht heibanne kéinten dermat d'accord sinn.

Dat gesot, mir hunn als ADR den Engagement geholl, dat hei matzedroen, selbstverständlech déi Solidaritéit ze weisen, déi eis bis elo gehollef huet, fir gutt duerch déi Kris ze kommen, awer mir mussen eis bewusst sinn, dass mer esou net kënnen virumaachen.

Ech soen Iech Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Kartheiser. An dann ass d'Wuert fir déi honorabel Madamm Myriam Cecchetti.

Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk) | Här President, d'Regierung huet bis op den allerleschte Stëppel gewaart, an zwar bis den 29. Juni, bis se dat heite Gesetz deposéiert huet. Dat war viru genee dräi Wochen.

Den Avis vum Staatsrot, bestoend aus e puer Zeilen, kuum just zurzäit, an zwar den 13. Juli. D'CSL huet e kriteschen Avis ofginn. Dësen ass an enger Procédure d'urgence nach ugeholl ginn. Wann Der awer elo op de Chambersite op de Rôle des affaires kucke gitt, da fannt Der dësen Avis net. Och de Rapport vun der Kommissioun beinhalt keng Referenz op dësen Avis, wouduerch kritesch Froen a Remarken och guer net mat an dëse Rapport agefloss sinn. Dat war och genee esou ze erwaarden an ass eigentlech am Fong onméiglech.

Dëst Gesetz ass e risige Kaddo mat der Strenz fir all Betrib, deen de Staat am beschte Fall 300 Milliounen Euro wäert kaschten. D'Regierung huet der Patronatssäit dës Zousu am September vum leschte Joer tel quel esou ginn.

Ob Amazon oder déi kleng Librairie, ob Auchan oder d'Epicerie um Eck, ob McDonalds oder de Quartiersbistro, all Betrib kritt hei pro Mount iwwer fënnf Méint eng Indexbranche vun all hire Salariéer vum Staat finanzéiert. De Staat finanzéiert sech awer gréisstendeels iwwert d'Steieren um Salaire a mat der TVA, woumat eigentlech primär emol déi schaffend Leit de Gros vun dësen 300 Milliounen Euro bezuelen.

Här President, mir si vum Prinzip hier op enger ganz änlecher Plaz wéi d'lescht Joer, wou den Index manipuléiert, also pardon, „opgeschubst“ ginn ass. Deemools gouf déi reportéiert Indexbranche iwwer e Steierkredit gréisstendeels kompenséiert, ech soe „gréisstendeels“, well zum Deel Leit mat mëttlere Paien awer bei der Rechnung verluer hunn.

De gewerkschaftleche Widerstand war ganz grouss an huet derzou bäigedroen, dass et net zu enger zweeter Manipulatioun sollt kommen. Dass mir just e puer Méint viru Parlamentswale stinn, huet sécher och matgespillt. Dës Kéier wäerten d'Salariéen also näischt mieren, wann déi nächst Indexbranche erfält. Si kréien hir 2,5 % méi op hirer Pai, an dat ass och nëmme richteg esou. De Käschtepunkt kréien d'Betriber integral vum Staat zrëckbezuelt. Dobäi soll et ëm fënnefmol 60 Milliounen Euro Salairé goen, déi iwwer eng Reduktioun vum Cotisatiounstaux an d'Mutualitéit vun den Entreprisë kompenséiert ginn.

Wat bedeit dat konkret? Als Éischt emol stelle mir fest, dass de Staat d'Indexbranchë vu groussen Entreprisë finanziert, déi deels enorm Gewënner erzielen. Den Index vu Salariéen, déi zéngmol de Mindestloun verdéngen, gëtt vun der Allgemengheet bezuelt, net vum Betrib, deen esou Salariéen astellt. E Betrib, dee Leit mat esou héije Salairé beschäftegt, kann dës Salairé plus Index och bezuelen, soss géif e jo keng esou Paie bezuelen.

D'Patronat an zum Deel Verrieder vu Regierung a Parteien hei an der Chamber hunn net gezéckt, fir bei der Manipulatioun d'lescht Joer eng Deckelung vum Index an d'Spill ze bréngen, andeem se d'Indexéierung vun héije Salairen de facto als ongerechtfergt duergestallt hunn.

D'Spëtzekandidatin vun der LSAP denkt haart iwwer eng Deckelung vum Index no. Mat dësem Gesetz zéckt d'Regierung awer net, fir d'Kompensatioun vum Index fir all Betrib ze iwwerhuelen, egal wéi vill Gewënn erwirtschaft gëtt, egal wéi héich d'Paien do sinn.

(Interruption)

Mir stelle fest: D'Regierung passt besser op d'Sue vun den décke Betriber op wéi op d'Sue vun der Allgemengheet am Staatsbudget! Eis mëssfält och, dass bei der Kompensatioun op eng Indexbranche tabléiert gëtt, déi am September ausbezuelt géif ginn. Ass deen Zenario nach ëmmer realistesch? Ech mengen, et ass jo och scho vun engem Virriedner gefrot ginn.

Wat geschitt, wa se méi spéit erfält? D'Chamber ka jo eigentlech net méi reagéiere bis dohinner. Dat heescht, dass d'Betriber alleguer ab September eng Indexbranche kompenséiert kréien, egal ob eng erfällt ass oder net.

Här President, mir hunn ëmmer gesot, dass kleng Betriber duerchaus mat allem Recht besuergt sinn, wann et oft zu Indexbranchë kënn an dass déi Betriber och kënnen a solle gehollef kréien. Mee an dësem Fall gëtt einfach ondifferenziéiert eng riseg Zomm Staatsgelder onproduktiv an d'Wirtschaft gepompelt, ouni iergendwelch Konditiounen, zum Beispill a puncto Aarbechtsplazsicherung.

D'CSL stellt sech an hirem Avis och déi berechtigt Fro, wéi engem Betrib bei engem sougenannten „Inflationsschock“ am September 2023 gehollef ass, wann en Deeler vun de Käschten dann nach dräi Joer méi spéit kompenséiert kritt, esou wéi et elo virgesinn ass am Projet.

Doriwwer eraus huet d'CSL och virgerechent, dass de Betrag, deen zur Kompensatioun soll déngen, e gutt Stéck iwwert deem läit, wat d'Indexbranche

tatsächlech géif ausmaachen. Dat schéngt jo ze heeschen, dass d'Regierung hei vun enger gréisserer Augmentatioun bei der Masse salariale ausget iwwert déi nächst Joren a wat d'CSL dann och zur Konkursioun bréngt, dass de Käschtepunkt vun dëser Kompensatioun am Endeffekt nach eng Kéier dättelech méi héich kéint leie wéi haut scho virgerechent.

Här President, wéi aus menger Ried erauszehéieren ass, kënn mir dëst Gesetz net matstëmmen. Merci fir d'Nolauschteren.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Madamm Cecchetti. A leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement.

M. Sven Clement (Piraten) | Merci, Här President. Merci och un de Rapportier fir de Rapport. Ech halen et do mam Gilles Baum, dass ech zumindest mengen, ech hätt de ganze Rapport verstanen. Mee et seet ee jo ëmmer esou schéin: „Wie mengt, dee weess näischt!“ Deementspriedend, mir wäerten dann an nächster Zäit gesinn, ob dee Rapport da wierklech esou verstane gouf, wéi e geschriwwen gouf, ob mer tatsächlech hei dat esou ëmgemat kréien, wéi mer et elo stëmmen.

Et sinn 340,6 Milliounen Euro, an au contraire vu menger Virriednerin soen ech: Dat sinn 340,6 Milliounen Euro, déi direkt erëm benotzt kënn gi vun deene kleng Betriber, eebe fir och Salairen ze bezuelen. A jo, de Kritikpunkt, deen ech bei all de Kompensatiounsmoossnamen ubruecht hunn, dass et mat der Géisskan ass, muss ech natierlech hei, fir intellektuell éierlech ze sinn, och ubréngen.

Ech weess awer net, ob et gerecht gewiescht wär ze soen: Mir behandelen d'Betriber anescht! Independanten an och de Franchise-Entrepreneur si ganz heefeg eng kleng Entreprise, dat heescht, hei mat groussen internationalen Nimm erëmmzerwerfen, dat ass net dat, wat herno seet, ob déi Firma, déi derhannert steet, déi d'Salairé bezilt, tatsächlech eng grouss Multinationale ass oder eng kleng, ob et e kleng Patron ass, deen eeben nëmme seng fënnef oder sechs Employéen huet, fir emol eng Fastfood-Chaïne als Beispill ze zitieren. Dat heescht, wär et fair gewiescht, déi anescht ze behandle wéi d'Stëit? An ech mengen, dat wär eeben net fair gewiescht. An dofir ass et richteg, dass mer dat hei dann esou maachen, och wann ech d'Géisskan per se net déi richteg Approche fannen.

Ech fannen et iwwerens och net déi richteg Approche, dass mer hei erëm an de System gi vu Suen avancéieren an da gestéckelt erëmmkréien. Do hätt ee sécher aner Léisunge fonnt. Vu dass awer d'UEL an d'Gewerkschaften domadder averstane sinn, kann ech dat matdroen.

D'Fro vun der Indexbranche, wéini se erfält, ech mengen, dass ass déi grouss Fro, jiddweree stellt sech déi Fro am Moment.

Do muss mer da wuel waarden, wat de Statec eis un neien Zuele liwwert. Fir mech ass op alle Fall ganz kloer: Dat Argument, dat elo meng Virriednerin avancéiert huet, ze soen, dass een, wann ee Leit mat engem gewëssene Salairé géif astellen, sech och den Index leeschte misst kënnen, dat Argument gëllt jo fir all d'Salare. Mir wëssen, dass den Indexsystem do ass. Mir wëssen, vum klengste Salairé, vum Mindestloun bis zu engem Villfache vum Mindestloun, kann e Patron u sech domadder rechnen, wann d'Inflatioun eebe kee Schock huet. A mir sinn eeben elo an enger Situatioun vum Schock. A genau do ass et dann och néideg, dass mer de Leit, de Patronen, de klengen Independenté bis zu deene méi grouse Patronen, hëllefen, an dofir wäerte mir dat Gesetz hei och matstëmmen.

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert, den zoustännegen Minister fir d'Sécurité sociale, den Här Claude Haagen.

Prise de position du Gouvernement

M. Claude Haagen, Ministre de la Sécurité sociale | Merci, Här President. Merci och dem Rapportier fir deen exzellente schrëftlechen a mëndlechen Rapport. Mat deem heite Projet de loi gëtt e weidere Punkt vum Tripartitt-Accord ëmgemat. An d'Virriedner sinn alleguerten drop agaang, ech wäert elo net méi op d'Zuelematerial agoen. Ech wäert awer op e puer Froen äntwerten.

Ech kann Iech soen, dass bei deenen 340,6 Milliounen, esou wéi de Rapportier et jo och gesot huet, herno gekuckt gëtt, a Fonctioun vun der CNS a vun de Ministère, wou ee gesetzlechen Index komm ass, an och, wou Regularisatiounen komm sinn. Dat mécht ronn 40 Milliounen aus, soudatt mer zum Schluss an där Constellatioun, wou mer hei sinn, bei ronn 300 Milliounen leien. Dat just eng Kéier als Informatioun. Déi Zuelen hänken natierlech – an den Taux och, Här Spautz, wat Der gefrot hutt – vun der Masse salariale of, an domadder och den Taux.

Déi Verschibungen, déi elo komm sinn, déi gëlle vun 2024 un. A mir kucken, wéi dat ëmmer gemaach gëtt par rapport zu deene Jore virdrun, Enn 2024, fir den Taux esou ze ajustéieren, wéi mer en all Joer ajustéiere fir eng gewëssen Zäit, fir dass mer dat kënnen opfänken. Dat ass eng normal Prozedur, déi mer eis ginn hunn an, wéi gesot, déi hänkt vun der Masse salariale of an och vum Taux, an eeben och bei der Mutualitéit, wéi dat Ganzt komposéiert ass mat deene véier Klassen.

Wichtig ass an deem heite Projet de loi, an dat ass ugeklongen, dass mer, wat d'Verschibung ugeet, déi ugeschwat ginn ass, net ënner 0 % kommen, dass mer en Taux kréien, deen ënner null ass, well dann hätt de System sech ëmgedrëit an de Staat hätt am Fong nach misse Suen un déi Betriber ginn an deene Klassen. An dofir ass och eng Streckung gemaach ginn. Dat ass net aus finanziellen Iwwerleeunge gemaach ginn, mee wa mer d'Demande en total erageholl hätten, dann hätte mer bei enger, voire zwou Klassen en negativen Taux gehat. An dat wier éischters scho guer net am Sënn gewiescht vun der Mutualitéit an zweetens och net vun deene concernéierte Betriber. Well et muss een dann oppassen, wou den Absenteismus par rapport am gréissten ass, well soss hätte mer vläicht Suen an Entreprises investéiert, déi dat néidegt finanziell Kapital gehat hätten, wat d'Madamm Cecchetti elo gesot huet, an déi kleng Betriber wieren eidel ausgaang. Dat ass eebe just domadder net geschitt.

Wa mer eng Differenziatioun hei vun de Betriber gemaach hätten innerhalb vun der Tripartitt, dann hätt Dir mir d'Fro gestallt: „Wéi ass et dann do mat den Aide-publiques?“ Dat heescht, wéi komme mer dann do derlaanscht? Hei hu mer keng Aide-publiques, hei hu mer keng Staatshëllefen. Déi sinn an d'Entreprisë gaang. Mir hunn eng Verdeelung iwwert d'Mutualitéit gemaach. An domat hu mer de System vun de Staatshëllefe par rapport zu Entreprises – déi eng kréie se, déi aner kréie se net, déi eng däre se kréien, déi aner däre se net kréien –, ech wëll net soen ëmgaangen, mee an der Consideratioun an den Iwwerleeunge bei der Tripartitt mam Patronat a mat de Gewerkschaften ass deem natierlech och an der Diskussioun Rechnung gedroe ginn. Dat ass och wichtig ze wëssen.

Dee System hei ass e System, deen adaptabel ass a Fonctioun vun der Masse salariale, a Fonctioun vun



deem, wat an der Tripartitt ofgemaach ginn ass an a Fonctioun vum Index. Hei geet et jo drëms, fir déi drëtt Indexbranche opzefänken. Dir hutt mech gefrot: Wéini erfält déi? Oder wéini ass se dū? Ech soen Iech: Haut ass den 20. Juli, ech perséinlech ginn net dervun aus, datt se nach am Juli declenchéiert gëtt. Muer de Moien ass Regierungsrout, ech wäert dat awer froen. Wann dat de Fall wier – wann dat de Fall wier! –, géift Der et direkt gewuer ginn, esou wéi ech d'Medie kennen. Wa se am September ausbezuelt gëtt, misst se am August fälleg ginn, declenchéiert ginn, fir datt se am September do ass. Bon, mir hunn dat hei gekuckt an der Tripartitt, d'lescht Trimester, ufanks lescht Trimester, oder zum Schluss vum drëtten Trimester, et ass evaluéiert gi laut deenen dräi Zenarioen, déi mer haten. Dofir hu mer och de Januar derbäigeholl, well mer wëssen, datt Wale sinn a mer der nächster Regierung jo och eng Chance solle ginn, fir sech net direkt mat där Problematik mussen ausernanerzesetzen. Dofir hu mer fënnef Méint hei geholl. A wann Der déi fënnef Méint rechent mol 60 – déi 60 Milliounen sinn ugeschwat ginn – mat all den Augmentatiounen an den Diminutiounen an de Contributiounen, déi nach fälleg sinn, si mer do op 60 Milliounen, op fënnef Méint – da komme mer erëm op déi 300 Milliounen, déi ech am Ufank genannt hunn.

Dofir, e Merci op jidde Fall deenen, déi dësen Accord matstëmmen. Dat schwätzt ganz einfach fir de Sozialdialog a fir d'Solidaritéit innerhalb vu Lëtzebuerg. Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci dem Sozialminister Claude Haagen. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8260. Den Text steet am Document parlementaire 8260².

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8260 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Mir maachen de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass mat 57 Jo-Stëmmen géint 2 Nee-Stëmmen a kenger Abstentioun ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par M. Jean-Marie Halsdorf), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes (par M. Max Hengel), Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Georges Mischo), Claude Wiseler et Michel Wolter ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener (par Mme Cécile Hemmen), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy (par Mme Jessie Thill), Mmes Djuna Bernard (par M. Marc Hansen), Stéphanie Empain (par Mme Josée Lorsché), Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue (par Mme Chantal Gary) et Mme Jessie Thill ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser et Fred Keup ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen.

Ont voté non : Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Domat si mer um Enn vun der Sitzung fir de Moien ukomm. D'Chamber kënnt de Mëtteg um 14.00 Auer nees zesummen.

D'Sitzung ass opgehewen.

(La séance publique est levée à 12.57 heures.)

Questions au Gouvernement

Sommaire

Objet	N°	Auteur	Page	Objet	N°	Auteur	Page
Droit d'accès de la police aux données des assureurs	7948	Fernand Kartheiser	96	Parc des IRM actuellement en service	8037	Marc Hansen, Josée Lorsché	98
Effectif de la Police grand-ducale	7971	Fernand Kartheiser	97	Fermeture de l'abattoir à Wecker	8038	Martine Hansen, Octavie Modert	98
Potentiel conflit d'intérêt entre la fonction publique et la vie privée de Monsieur le Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire	7991	Diane Adehm	97	Sport de haut niveau féminin	8041	Jeff Engelen	99
Participation du Luxembourg au prochain « Eurovision Song Contest »	8034	Mars Di Bartolomeo	97	Application mobile afin de faciliter l'accès des personnes allergiques aux informations sur les concentrations de pollens dans l'air	8044	Carole Hartmann	99

Droit d'accès de la police aux données des assureurs | Question 7948 (28/04/2023) de **M. Fernand Kartheiser** (ADR)

Am Hibleck op d'Parlamentswalen huet d'„Association des compagnies d'assurances et de réassurances“ (ACA) eng Initiativ geholl, fir déi politesch Parteien op néng Prioritéiten opmierksam ze maachen. An enger vun dëse Prioritéite geet et ëm d'Autoversécherungen.

Am Fall vun engem onversécheren Auto muss d'Allgemengheet d'Laascht droen, fir d'Affer vun engem Accident iwwert de „Fonds de garantie automobile“ ze entschueden. Dëse Fong huet an de leschten dräi Joer duerchschnëttlech honnert Fäll pro Joer beaarbecht. Wann een dovunner ausgeet, dass een zu Lëtzebuerg eng vergläichbar Situatioun wéi an den Nopeschlänner huet, da fueren tëschent 5.000 an 10.000 net versécheren Autoe mat enger Lëtzeburger Plack op eise Stroossen. Fir dëse Problem ze bekämpfen,

proposéiert d'ACA, dass d'Police op en digitale Versécherungsregëster zougräife kann, wou si mat Hëllef vum Nummerscheld iwwerpréiwe kann, ob en Auto versécheret ass oder net.

Och ass et zu Lëtzebuerg am Abléck esou, datt eng Persoun, déi der Police d'Versécherungsdokument vun hirem Auto net ka weisen, de Schlëssel vum Auto muss ofginn an den Auto immobiliséiert bleift, bis déi néideg Dokumenter kënne gewise ginn. Wann d'Police selwer Zougrieff op e Fichier mat de Versécherungsdaten hätt, wäeren esou ëmständlech Prozeduren net méi néideg.

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär dës Fro stellen:

– Ass d'Regierung der Meenung, datt d'Police sollt en automateschen Zougrieff op Dateie kréien, déi iwwer de Versécherungsstatus vun den Autoe mat Lëtzeburger Plack reenseignéieren? Wa jo, wéi a wéini wëll si esou e System aféieren?

Réponse (29/06/2023) de **M. Henri Kox**, Ministre de la Sécurité intérieure | **M. François Bausch**, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

Den honorabelen Deputéierte freet no Informatiounen iwwert d'Aféierung vun engem automateschen Zougrieff fir d'Police op en digitale Versécherungsregëster, deen iwwer de Versécherungsstatus vun den Autoe mat Lëtzeburger Plack reenseignéiert.

Well een op eng Digitalisatioun vun der Immatriculationsprozedur hischafft, mee sech awer och op eng zukünfteg Kooperatioun um Niveau vun de Memberstaate vun der Europäescher Unioun wëll virbereeden, ass am Kader vum Projet de loi N° 7985 an engem Projet de règlement grand-ducal virgesinn, datt en Datenaustausch betreffend d'Versécherungsinformatiounen soll stattfannen.

Dës zwee Projeten, déi sech aktuell um Instanzewee befannen, gesi vir, datt eng „banque de données relative à l'assurance automobile des véhicules routiers“